Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 1088 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup no staatelose Prisonéier huet d'Regierung op d'Fro vun der Feststellung vun der Nationalitéit ë.a. dat hei geschriwwen: "*Dozou muss erklärt ginn, dass bei enger strofrechtlecher Enquête, der Veruerteelung a beim Untrëtt vun der Prisongsstrof d'Nationalitéit vun der concernéierter Persoun an éischter Linn festgestallt gëtt, unhand vun den Identitéitspabeieren, déi déi concernéiert Persoun virweise kann. Och gëtt am nationale Persouneregëster („Répertoire National des Personnes Physiques – RNPP") nogekuckt, an déi Informatioun, déi zu deem Moment am RNPP steet, gëtt da gebraucht. Weder d'Justizautoritéiten nach d'Prisongsverwaltung stellen zu deem Moment weider Nofuerschungen un, falls d'Nationalitéit vun där Persoun zu deem Moment als „inconnue" am RNPP renseignéiert gëtt*".

A weider schreift d'Regierung fir déi Zäit nom Enn vun der Prisongsstrof: "*D'Generaldirektioun vun der Immigratioun geet allen Indizien op méiglech Hierkonftslänner no a probéiert déi Persounen iwwer déi zoustänneg Konsulater ze identifizéieren. Wann dat net geléngt oder déi jeeweileg Konsulater net matschaffen, muss déi Persoun aus dem Centre de rétention entlooss ginn*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi enger rechtlecher Strof setzt sech dës Persoun aus, wann se sech weigert mat der zoustänneger Institutioun ze kooperéieren an der Feststellung vun hirer legaler Identitéit?
2) Falls eng rechtlech Strof applikabel ass, wéi dacks ass se och agesat ginn? Wéi dacks war dat tëschent 2013 an 2023 de Fall?
3) Op der Basis vu wéi enger legaler Identitéit gëtt dës Persoun viru Geriicht verurteelt?
4) Op der Basis vu wéi enger legaler Identitéit kann dës Persoun sech hei am Land ophalen an hiren Alldag (Umeldung vun enger Adress, Bankkont, Fürerschäin asw.) organiséieren?
5) Kënnen op der Basis vun enger fiktiv zougewisener, respektiv onbekannter Identitéit hei am Land Sozialleeschtungen oder aner staatlech Zouwennungen empfaange ginn?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten